




ABRËLL 2018 N° 48



FËSCHBER
GEMENGEBLAT

Layout: Ren Spautz

Redaktioun: Dany Hermes, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich, Marianne Brosius, Marie-Louise Haas, Lis Weber.

Mataarbechter: Olivier Molitor, Luss Brosius, Fränk Daems, Sandra Vaessen, Viviane Thill, Luss Karier, Carrie Fiorese, Dan Hottua, Cheryl Koenig, Chantal Fohl.

Drock:

Print Service Mechtel, Luxembourg

Seite 1: Kruukerten a Leewent, Ren Spautz

Seite 2: Virwuert

Seite 3: Stäresänger

Seite 4: Lori Gatti, 80 Joer

Seite 5: Adèle Wies-Neuhengen, 90 Joer

Seite 6: Gemengeréceptioun 2018

Seite 7: Gemengeréceptioun 2018

Seite 8: Liichtmëss

Seite 9: Fettendonneschdeg

Seite 10: Nationalen Dag vum Bam

Seite 11: Buergebrennen

Seite 12: Kannerfuesbal

Seite 13: Kannerfuesbal

Seite 14: Foussgängerführerschäin

Seite 15: Gaart an Heem

Seite 16: Naturfotograf Jean-Claude Schaeffer

Seite 17: Albinusfeier

Seite 18: Nei Redaktiounsmemberen

Seite 19: Nei Redaktiounsmemberen

Seite 20: Olivier Molitor

Seite 21: Olivier Molitor

Seite 22: Seniorendanz

Seite 23: AG Senioren & Hierkeniessen

Seite 24: First Responder

Seite 25: Wandpark Miersch

Seite 26: Aktivitéitskalenner

Seite 27: Aktivitéitskalenner

Seite 28: Gemengerotssätzungen

Seite 29: Gemengerotssätzungen

Seite 30: Gemengerotssätzungen

Seite 31: Gemengerotssätzungen

Seite 32: Gemengerotssätzungen

Seite 33: Gemengerotssätzungen

Seite 34: Gemengerotssätzungen

Seite 35: Patrick Denessen

Seite 36: Quiz

Seite 37: Déi nei Maison Relais

Seite 38: Grouss Botz

Seite 39: Grouss Botz

Seite 40: Dan Hottua

Seite 41: Office Social-Larochette

Seite 42: Klibberkanner

Seite 43: Ouschtereeërsich-Elterevereinigung

Seite 44: Oprüf Katechese

Redaktiounsschluss Blat 49: 4. August 2018

VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

ee laangen an zéie Wanter hu mir hannert eis gelooss an d'Fréijoer mécht sech elo däitlech bemierkbar. De Wanter 2017/2018 war zum Gléck mol erëm een naasse mat iwwerduerschsnëttlech vill Nidderschlag wat eiser Natur zegutt kënnt.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wëll ech allen Matbiergerinnen a Matbierger aus eiser Gemeng Merci soen déi hir Kandidatur gestallt hate fir an enger oder a méi vun eise Kommissiounen matzeschaffen an déi esou gewisen hunn dass eng aktiv Biergerbedeelegung un der Gemegepolitik an um Gemengeliewe gewënscht ass. Duerch déi grouss Unzuel vun de Kandidaturen hunn d'Membere vun deenen eenzele Kommissiounen misste per Vote secret an der Gemengerotssëtzung vum 30. Januar bestëmmt ginn a leider konnten net alleguer d'Kandidaturen zrëckbehalen ginn. De Gemengerot seet an dësem Fall Merci fir Äert Versteesdemech. An der Tëschenzäit hunn all d'Kommissiounen hier Aarbecht opgehol. D'Zesummesetzung vun den eenzele Gremie fann Dir um Internetsite vun der Gemeng.

Zu den lafenden Projeten an eiser Gemeng wëll ech lech déi folgend Informatiounen net virenthalen.

Den interkommunale Waasserresseau deen d'Gemeng Fëschbech am gaangen ass mat den Nopeschgemenge Fiels an Noumer ze plange gëtt ëmmer méi konkret. Trotzdeem sinn nach vill Detailler ze klären ier d'Aarbechte kënnen ëffentlech ausgeschriwwen ginn.

De Projet Kläranlag Fëschbech huet leider en cours de route e puer administrativ Problemer begéint a muss eng zweete Kéier ausgeschriwwen ginn, wouduerch och d'Ausféierung leider Retard huet.

De Projet Kläranlag Aangelsbiereg kënnt dogéint méi séier viru wéi erwaart wat mat sech bréngt dass déi zwee Projekte fréier oder spéider zäitgläich lafe kéinten an eis Gemengekeess och zäitgläich belastescht kéinten.

D'Aarbechten um RÜB (Regenüberlaufbecken) zu Schous ginn an déi final Phase.

Bannen an ronderëm eis nei Maison Relais sinn nach vill Aarbechten ze maache bis dës wierklech fäerdeg ass. Den neie Schäfferot huet mam Techniker, mam Architekten-Büro COEBA, mam Léierpersonal a mat der Mme Claudine Scholtes aus der Maison Relais eng Visitt des lieux gemaach an d'Mängel déi nach ze behiewe sinn opgeléicht.

Dee selwechten Exercice hu mir an der Angsber Schoul gemaach. Och hei sinn eng Rei Aarbechte virzehuelen an iwwerfällg.

A béide Fäll gëllt et elo um Ball ze bleiwen an de suivie ze maachen.

Wat eise PAG ugeet huet de Bureau LUXPLAN sech an den Dossier ageschafft a krut vum Schäfferot den Optrag eis Gemeng beim Ausaarbechten a finaliséieren an Zukunft ze ënnerstëtzen.

D'Sécherheet op eise Stroossen an d'Verkëiersberouegung si weiderhin eng Prioritéit fir eise Gemengerot. Een Dossier heizou ass schonn ugeluecht. An deem Kontext ass virgesinn ee Workshop ze organiséieren wou d'Biergerinnen an d'Bierger aus eiser Gemeng matschaffe kënnen an hir Iddien a Meenunge kënnen abréngen.

Zum geplangte Wandpark um Rollëngerbiereg huet eise Gemengerot no grëndlecher Analysen den 30. Januar eng negativ Prinzipiendécisioun geholl. Weider Detailler a Fakten heizou fann Dir an dësem Gemengebuet an um Internetsite vun der Gemeng Fëschbech.

Iech all eng gutt Zäit a vill Freed beim liesen vun dësem Buet,
Fränk Daems



Stäresänger

Dë Sonden, 7. Januar, waren an der Gemeng Fëschbech d'Kinneken ënnerwee. Kanner aus der Gemeng hunn sech un der 2. Stäresängeraktioun bedeelegt.

Dëst ass eng Aktioun déi a ville Länner op der Welt, zemol am däitschsproochege Raum gemaach gëtt. Dir hutt bestëmmt schonns emol an der Vakanz oder zu Tréier iwwert enger Dir déi komesch Buschtawen an Zuele gesinn, déi mat Kräid geschriwwen waren. Dëst waren d'Stäresänger.

Et si Kanner déi als Kinneken, Engelen an Hierte verkleet duerch Duerf zéien an de Seegen iwwert d'Haiser bréngen. Bei eis huet dës Aktioun 2018 mat engem Wuertgottesdénkscht vum Diakon Tristan Häcker, zu Fëschbech an der Kierch ugefaangen. Duerno sinn d'Kanner mam Seege vum Diakon, bei 62 Famillje gaangen, déi sech am Virfeld ugemellt haten an hunn de Seegen un Hausdier geschriwwen oder gepecht. 20*C+M+B+18.

Zum Ofschloss gouf et am Veräinshaus op der Héicht, Kuch a Schocki an dem Senioreveräin hu mer och nach gesongen. Den Erléis vun dëser Aktioun geet un "Missio+" Kannermissiounswierk zu Lëtzebuerg.

Sou konnte mir zur neier Bibliothék fir d'Stroossekaner vun Agonsoudja am Benin bäidroen, wëll d'Stäresänger aus der Gemeng Fëschbech hunn dëst Joer 1.527,64€ gesammelt. Merci all deenen däi zum Erfolleg vun dëser Aktioun bäigedroen hunn.

Text a Fotoen: Luss Brosius



Lori Gatti, 80 Joer

Ufank Januar huet d'Lori Gatti vu Fëschbech vum Schäfferot alles Guddes fir seng 80 Joer gewënscht kritt. Mat dobäi ware seng zwou Duechteren a Frënn.

D'Lori Gatti ass als néngt Kand vun eellëf, den 1. Januar 1938 zu Déifferdeng op d'Welt komm. Dëst ware 7 Jongen a 4 Meedercher.

Seng schoulesch Ausbildung huet et an der Primärschoul zu Déifferdeng gemaach fir duerno op Esch an d'Beruffsschoul ze goen.

No der Schoul huet hat de Jean Manderscheid vun Hollerech kenne geléiert an den 21. Oktober 1954 si si zu Déifferdeng bestuet ginn. Aus dësem Bestiednes sinn zwee Meedercher ervir gaangen, d'Anita an d'Myriam an haut ass d'Lori houfreg op seng 6 Enkelkanner.

Doheem de Stot maachen, huet d'Lori net erfëllt an esou huet hat am Restaurant Cordiale ee Stage gemaach, fir kënne selwer ee Restaurant ze féieren. De Jang war ee gudden Handwierksmann a mat vill Engagement huet hie sech un den Ëmbau vum Heemechtshaus zu Hollerech gemaach, dee no der Fäerdegstellung Club 31 genannt ginn ass.

No 8 Joer hu si an der Uewerstad de beschtbekannte Restaurant, „Am Pays“ iwwerholl, dee si bis zu hirer Pensioun am Joer 1985 gefouert hunn. Och no der Pensioun ass et hinnen net langweileg ginn, hu si dach d'Enkelkanner versuergt an de Jang huet sengen zwee Meedercher jiddferengem en Haus gebaut.

1996 ass d'Lori mam Jang op Fëschbech geplënnert wou si sech en Haus gebaut haten, d'Konschtscheier, well dem Jang säin Hobby war d'Konscht, haaptsächlech d'Molen an d'Skulpturen. Leider ass de Jang am Joer 1998 gestuerwen an d'Lori huet säi Liewe missen eleng maachen.

Elo mat 80 Joer ass d'Lori nach ganz aktiv, Reesen, d'italienesch Kichen a d'Gardenaarbecht loosse keng Langweil opkommen an oft huet hat Leit op Besuch, déi seng Kachkonscht ze schätze wëssen.

Bei engem gudde Patt an engem nach bessere Maufel ass dës Gebuertsdaysfeier op en Enn gaangen.

Foto an Text: Ren Spautz



D'Madame Wies-Neuhengen huet hir 90 Joer gefeiert.

D'Madame Wies-Neuhengen Adèle vu Kéideng huet Ufank Februar hir 90 Joer gefeiert. Si ass de 5. Februar 1928 zu Esch/Uelzecht op d'Welt komm. Si war dat eelste vu 7 Kanner.

Viru 65 Joer, de 27. Dezember 1952 ass si de Bond fir d'Liewe mam Nicolas Wies agaang, e Bestiednes, wat leider kannerlos bliwwen ass. Zesummen hu si zu Kéideng e kleng Bauerbetrieb bewirtschaft bis datt si virun 30 Joer mat dësem Betrieb opgehal hunn.

Den 30. Oktober 2001 ass hire Mann gestuerwen. D'Madame Adèle Wies-Neuhengen ass trotz hirem héijen Alter nach ëmmer bei beschter Gesondheet, mécht hire Stot nach eleng a geet mat grousser Freed véiermol an der Woch an d'Fiels an de Foyer du jour vun Hëllef Doheem.

De Schefferot aus eiser Gemeng, mam Buergermeeschter Fränk Daems a sengen zwee Scheffen, Patrick Grotz a Luss Brosius, huet sech et net huele gelooss an huet der Jubilarin mat engem schéinen Blumenarrangement, gratuléiert.

Foto an Text: Ren Spautz





Gemenge-Réception





ception 2018



Fotoen: Carrie Fiorese

Léiwer Härgottsblieschen

Mir Kanner komme liichten
mir gi vun Haus zu Haus.

Fir Freed a Liicht ze brengen, jo dofir zéie mir aus.

Den Härgott soll lech seenen 't ass onse gréisste Wonsch.
den Härgott soll lech seenen 't ass onse gréisste Wonsch!



Schous

Fotoen: Luss Brosius, Frank Weyrich, Fränk Daems.



Angelsbiere



Föschber Gemeinde

Fettendoneschdeg



Fotoen: Luss Brosius, Sandra Vaessen.



Nationalen Dag vum Bam





Buergbrennen





Fotoen: Luss Brosius



Foussgängerführerschäin

Um Freiden Nomëtteg den 2. Februar, hunn d'Kanner aus dem Cycle 1 vun der Angsber Schoul, hire Foussgängerführerschäin gemaach.

Nodeems d'Police am Laf vun der Woch an d'Schoul komm war fir d'Reegelen am Stroosseverkéier z'erklären, ob déi esou e kleng Butz muss oppasse wann en zu Fouss an d'Schoul geet, war e Freiden dunn de grouse Moment wou si konnten eleng en Tour iwwert den Trottoir maachen.

Natierlech stounge bei all Zebraträif Elteren an och d'Police war mat 2 Gefierer präsent. Bei dëser Aktioun huet d'Elterevereenegung, de Schäfferot an d'Police dem Léierpersonal gehollef.

Als Ofschluss krut nach jiddereen e gudde Schocki ze drénken.

Text a Fotoen: Luss Brosius



Nodeems de Gaart an Heem, Gemeng Fëschbech, en Opruff gemaach hat, fir nei Comitésmemberen ze rekrutéieren, fir esou deen aktuelle Comité ze ënnerstëtzen, war den Echo net enorm.

Duerfir hunn si, zesumme mam Schäfferot aus der Fëschbecher Gemeng, wou an der Persoun vum Martine Mergen, Presidentin vun der CTF Liga invitéiert war, eng Reunioun am Veräinshaus „Op der Héicht“ zu Schous aberuff, fir esou mat de Leit aus der Gemeng iwwert d'Weiderfuere vun der Fëschbecher Sektoun, ze diskutéieren.

An enger kuerzer Aleedung ass de Schäfte Luss Brosius, op d'Drénglechkeet vun enger Erneierung an Ergänzung vum momentane Comité agaangen, dunn huet d'Martine Mergen een Opruff un déi iwwer 20 Interesséierter am Sall gemaach, fir esou den CTF, Gemeng Fëschbech, mat sengen 118 Memberen, um Liewen ze erhalten.

D'Presidentin vum CTF-Gemeng Fëschbech, d'Christiane Kirtz-Ewen, huet d'Comitésaarbecht erkläert an ze verstoe ginn, datt, sollt de momentane Comité ophalen, d'Zukunft vum Veräin um Spill stéing, wat een awer op kee Fall wéilt.

Weider zu Wuert gemellt hu sech d'Dany Hermes-Balthasar, Caissière an d'Francine Frisch-Harles, Comitésmember, déi allenzwee op de Manktem vun aktive Memberen am Comité opmierksam gemaach hunn.

Bei engem Patt ass desen Owend bei enger animéierter Diskussioun op en Enn gaang. Dobäi gouf iwwert Theme wéi Benevolat, Organisatioun, Comité an di allgemeng Aarbecht vun enger CTF-Sektoun geschwat. D'Resultat war, datt 3 Persounen sech fir de Comité gemellt hunn: d'Laurence Anciaux, de Cornelis van der Horst an den Daniel Moura. An den nächste Wochen treffe se sech fir Neel mat Käpp ze maachen.

Text a Fotoen: Ren Spautz

Gaart & Heem Fëschbech

15



Fëschber Gemeinde

Den Naturfotograf Jean-Claude Schaeffer vu Fëschbech, huet Enn Februar op de Vernissage vu senger Fotosausstellung am Restaurant Beim Alen Tuurm zu Miersch invitéiert.

Et ass eng Ausstellung déi et derwäert ass kucken ze kommen, ee Genoss fir d'Aen an awer och ee Genoss fir d'Zong, et kann een datt Visuell mam Kulinaresche verbannen.

A senger Ried ass de Jean-Claude kuerz op säi fotografescht Wierken agaangen an huet ee Merci u seng Famill gereecht, déi hie voll ënnerstëtzt. Och konnt hien vill Fotografekolleege begréissen, ënnert hinnen d'Eilo Elvinger datt kierzlech an der Kategorie Schwaarz/Wäiss-Fotografie de Präis vu „National Geographic Wildlife Photographer of the Year 2017“ iwwerrecht kritt huet.

D'Ausstellung ass nach ze gesi bis den 30. Juni 2018 zu den Éffnungszäite vum Restaurant Beim Alen Tuurm.

Text a Fotoen: Ren Spautz

Naturfotograf Jean-Claude Schaeffer

16



Albinusfeier



E Sonndeg, de 4. März war eng Feier zu Eieren vum Hellegen Albinus zu Aangelsbiërg.

No enger feierlecher Mass huet den Här Dechen, Félix Steichen, déi landwirtschaftlech Trakteren, de Pompjeescamion an e puer Päerd virun der Kierch geseent.

D'Gefierer hunn dunn eng Ronn gedréint an zwar op de Bierengerbiërg iwwer de Kräizwee erof, wou si dunn bei der „Angsberstuf“ ukomm sinn.

Hei huet Gemeng e Patt zum Beschte ginn. Et war och eng Geleeënheet den nei geflécktene Gemengentrakter anzeweien.

De Melk-Zenter vun Aangelsbiërg huet jiddwer Traktersfuerer eng Plackette als Udenken un dës Feier iwwerreeche gelooss.

Text: Marie-Louise Haas & Fotoen: Luss Brosius

Zanter dësem Joer, hu mir 3 nei
Mataarbechter fir eist Blat bäikritt.

Och wann et keng Onbekannte sinn,
wollte mir lech Si virstellen.



Fro:

Äntwert

Numm:

Marianne Brosius-Kolber

Wou gebuer?

an der Stad

Wéini?

19. Abrëll 1964

Meng Stärkten

Dynamismus, Empathie
Begeeschterungsfähigkeit

Meng Schwächen

Ongedold a Mangel un Hartnäckigkeit

Wat gefällt mir un deenen aneren?

Eierlechkeet an Humor

Wat gefällt mir net un deenen aneren?

Arroganz an Iwwerhiewlechkeet

Meng Hobbiën

Spadséiere goen, Velo fueren
a mäi Gaart

Meng Musek déi ech lauschten

Alles ausser Volleksmusik

Ech liese momentan

Das weisse Land der Seele

Wou ech Vakanz maachen

Do wou d'Sonn schéngt

Wouriwwer ech mech an der Lescht
geiergert hunn

Iwwer Leit, déi net éierlech sinn

Dëse Wonsch erfëllt sech dëst Joer

Ech fannen eng nei Erausforderung

Dëst Sprechwuert gefällt mir gutt

Wat eis net ëmbréngt,
mecht eis staark!



Äntwert

Marie-Louise Haas-Erpelding



Äntwert

Lis Weber

an der Stad

Ettelbréck

18. Mee 1950

7. Juni 1970

Organisatiounstalent, Pénktlechkeet
Nolauschteren

Keng Ahnung

Ongedold, ka net „Neen“ soen

Ongedold, Mangel u Konzentratioun

Gutt Laun, eng eege Meenung hunn a se vertrieiden

Wann ee kann zesumme laachen

Respektlosegkeet an Egoismus

Schlecht Manéieren

Reesen, Fernseh kucken,
Wandern a Veräinsliewen

Fotograféieren, Geschicht
Liesen a mäi Gaart

Volleksmusik

Klassik, mä och Jazz a Blues

Guer näischt

Ee Südtirol-Krimi, weess awer
net ewéi en heescht

Schwarzwald, Kanada

Irland

Iwwer Villes awer näischt Bestëmmtes

Iwwert den Etienne Schneider

Hoffentlech gesond bleiwen

Ech fléien op Wien

Halte niemals mit einer Hand die Vergangenheit fest,
denn du brauchst beide Hände für die Zukunft

Rücksicht auf die Verwandten ist die
Wurzel allen weihnachtlichen Unglücks



Fäschber Gemeindeblatt

De Wäisse Storch

vum Olivier

De Wäisse Storch bitt zanter 2013 zu Lëtzebuerg. Hie gëtt 80-100 cm laang a kritt eng Flügelspannweite vu bis iwwer 2 Meter. Hie gëtt 2,5-4,5 kg schwéier. E verstännt sech haaptsächlech andeems e mam Schniewel klabbert, wouéngst hien och Klapperstorch genannt gëtt. E frësst virun allem Fräsch, Mais, Raten, Fësch, Insekten, Reewurm, awer och Aas. E ka bis 35 Joer al ginn. Seng Brutzeit geet vun Abrël bis Ufank August. Sengem Horst bleift hie Joerzéngte laang treu. All Joer baut e weider u sengem Nascht, wouduerch dës riseg ka ginn. Keen anere Vugel baut esou e grouss Nascht wéi hien.

D'Brutdauer läit tëscht 30 an 32 Deeg. Seng Eeër (am Duerchschnitt 3) sinn duebel sou grouss wéi en Héngere. Déi Jonk bleiwen 58-64 Deeg am Nascht.

Säi Wanterquartier läit an Ost- bis Südafrika. Fir dës Streck zréckzeleeën, flitt en ongeféier 10.000 km wäit, woufir en 1 bis 1 ½ Mount brauch.

Säi Fudder sicht en am léifsten op fichte Wäsen. De Kéidenger Brill eegent sech duerfir eigentlech perfekt, wouéngst ech op d'Iddi komm sinn, him hei emol eng Nisthëllef opzeiichten. Regelméisseg kann en hien hei am Abrël op senger Duerchrees gesinn, wann en emol do eng Paus aleet. Dee Wäisse Storch op der Foto hunn ech wuel a Spuenien fotograféiert, ma villäicht gefällt him den Horst hei jo sou gutt, datt en hei bleift fir ze bréien.

Bei Minus 12 Grad hu mer profitéiert fir him säin Nascht opzeiichten, well wann et hei net gefruer ass, kënnt e mat kengem Bagger do era fir d'Lach ze maachen.

De Propriétaire vum Terrain, de Marco Wies vun Allénster, wor gläich averstanen fir sou e Bam op sengem Terrain opzeiichten ze loossen. Him duerfir vun hei aus nach emol e grouse Merci.



oder Wäisse Stuerk

er Molitor



Sie lieben TANZ, MUSIK und fröhliches Beisammensein ?

Dann besuchen Sie uns !

Wir tanzen Line- und Square-Tänze, moderne Tänze, sowie Folkore- und Gesellschaftstänze in der Gruppe, ohne festen Partner.

DANZ DECH FIT !

**TANZEN
HÄLT FIT !**

Ausdauer und aktive
Gesundheit werden
trainiert !

**TANZEN
MACHT SPASS !**

Zusammen aktiv sein und
Gleichgesinnte treffen !

**TANZEN
MACHT SCHLAU !**

Fördert Konzentration,
Reaktion, Koordination und
Merkfähigkeit !

Gratis
Schnupperkurs !

Organisator :
Asbl Seniorenveräin
Fäschbech



Ansprechpartner: Marianne Kauffmann tel 621 765 173 Wann ? Freitags von 14h30 bis 15h30
Trainerin: Josette Buschmann tel 78 91 16 Wo ? Sporthalle FILANO in Larochette
Jo.Buschmann@yahoo.fr

Generalversammlung Senioreveräin Gemeng Fëschbech

De 4. Mäerz 2018 huet de Senioreveräin Gemeng Fëschbech seng 14. Generalversammlung am Veräinshaus „Op der Héicht“ ofgehalen.

D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding konnt 55 Membere begréissen, ënner anerem och den Här Buergermeeschter Fränk Daems.

Ënnert der Leedung vun der Mme Josette Buschmann hunn eis jonk gebliwwe Seniorinnen e puer flott Dänz opgefouert.

Duerno ass bei Kaffi a Bond eng flott Tombola ausgespillt ginn. Nach eng Kéier e grouse Merci un eis Sponsoren a bis d'nächst Joer.

Komitée: **Presidentin:** Marie-Louise Haas, **Vizepräsident:** Jang Bück, **Sekretärin:** Marie-Anne Kauffmann, **Kasséierin:** Sylvie Spiewak, **Memberen:** Monique Flammang, Astride Kirsch, Marcel Kirsch.

Text a Foto: Marie-Louise Haas



HIERKENIESSEN

Den 2. Februar war dem Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech säin traditionellt Hierkeniessen.

Am ganzen haten 120 Memberen a Frënn sech 600 Filete schmaache gelooss. Do derniewent si 35 Hameschmiere servéiert ginn.

E grouse Succès. Notéiert iech elo schonns de 15.2.2019 fir eisen nächsten Hierkenowend.

Text: Marie-Louise Haas



Fëschber Gemeindeblatt

FIRST RESPONDER – Schnelle Hilfe

Bei einem medizinischen Notfall sind die ersten Minuten entscheidend. Dennoch kann es manchmal etwas länger dauern, bis qualifizierte Hilfe eintrifft. Um diese Zeit für die Einwohner der Gemeinde Fischbach so kurz wie möglich zu halten, hat die freiwillige Feuerwehr eine "First Responder" Gruppe gegründet. Dieser Dienst wurde von den Verantwortlichen der Gemeinde dankbar angenommen, da hier die Möglichkeit besteht, sehr schnell und effektiv den Einwohnern der Gemeinde Hilfe zu leisten.

Was versteht man unter "First Responder"?

Der "First Responder", auch Ersthelfer oder Sanitäter vor Ort genannt, ist eine Ergänzung der Rettungskette in der Ersten Hilfe. Die Einsatzleitzentrale 112 entscheidet nach Erhalt eines Notrufs, ob der "First Responder" aktiviert wird oder nicht. Typische Notfälle sind Bewusstlosigkeit, Herzinfarkt, Atembeschwerden, starke Blutungen und Autounfälle. Der "First Responder" soll die Zeit zwischen dem Eintreten des Notfalls und dem Eintreffen des regulären Rettungsdienstes (Rettungswagen/Notarzt) mit den richtigen qualifizierten Handgriffen überbrücken.

Die Mitglieder der lokalen Feuerwehr, die diesen zusätzlichen Dienst leisten, haben alle eine Ausbildung im Rettungsdienst absolviert und sind mit einem Notfallrucksack sowie Defibrillator ausgestattet. Jeder Bürger mit einer medizinischen Ausbildung, wie Krankenpfleger-in, Arzt / Ärztin oder ähnliches, kann aktiv am Dienst des "First Responder" mitwirken.

Wir sind immer auf der Suche nach neuen Mitgliedern. Weitere Informationen erhalten sie bei den Verantwortlichen der Feuerwehr Fischbach. Wer interessiert ist, kann sich unter der folgenden Nummer melden: 32 50 39 (Lucien Karier).

FIRST RESPONDER – Aide rapide

En cas d'urgence médicale, les premières minutes sont cruciales. Cependant, l'arrivée d'une aide qualifiée sur les lieux peut prendre parfois un peu plus de temps.

Afin de réduire ce temps pour les habitants de la Commune de Fischbach, les Sapeurs-Pompiers volontaires ont créé une équipe "First responder". Ce service a été accueilli avec reconnaissance par les responsables de la Commune, car il permet de venir de façon rapide et effective aux secours des habitants.

Que veut dire l'expression "First Responder" ?

"First Responder", également connu sous le nom de secouriste ou premiers intervenants, est un maillon supplémentaire de la chaîne des premiers secours. L'alerte est déclenchée par le biais de l'opérateur du 112, qui décide en fonction de l'appel, s'il est nécessaire ou non de faire intervenir l'équipe des "First Responders". Des situations d'urgences typiques sont des pertes de conscience, crises cardiaques, difficultés respiratoires, saignements importants et accidents de route. Le "First Responder" doit compenser le temps entre la situation d'urgence et l'arrivée des premiers services de secours réguliers (ambulance, médecin du SAMU) grâce aux bons actes qualifiés.

Les membres des Sapeurs-Pompiers qui assurent ce service, ont tous suivi une formation spécifique dans le secours à personne et sont équipés d'un sac à dos de premiers secours et d'un défibrillateur. Chaque citoyen disposant d'une formation médicale comme les infirmiers(ères) ou les médecins peut participer activement au service du "First Responder".

Nous sommes toujours à la recherche de nouveaux membres. Pour plus d'informations, contactez les responsables des Sapeurs-Pompiers de la Commune de Fischbach. Les intéressés peuvent prendre contact au numéro 32 50 39 (Lucien Karier).

Wandpark Miersch



Eng 80 – 100 intresséiert a kritesch Bierger aus eiser Gemeng (mee net nëmmen) haten sech de 15. Mäerz 2018 an de Veräinssall “Op der Héicht” afonnt, fir méi Informatiounen iwwer de geplangte Wandpark vu 6 Wandmillen an der Gemeng Miersch ze kréien. Vun deene 6 Eoliennen sollen der nämlech 4 um Rollengerbierg, also ganz no un d’Gemeng Fëschbech, opgeriicht ginn.

No den opschlossrächen, heiansdo e bësse chaotischen, Erklärungen vun de Bedreiwer Electric, dem Haaptstroumliwwerant vu Miersch, a Soler, enger Gesellschaft vun Enovos a SEO, war et dann un de Nolauschterer hir Froen a Kritiken auszudrécken. Aus den deels méi laangwieregen Diskussionsene geet dann och ervir dass net wierklech d’Wandmillen de Fëschbecher Bierger een Dar am Ae sinn, mee villméi de Schwéiertransport, de Verkéier an de Kaméidi deen den Opbau vun der Anlag wäert mat sech bréngen.

Natierlech huet een och Angscht virum Kaméidi an dem Infraschall, deen d’Wandrieder herno och wäerte produzéieren, respektiv virum Schattenwurf vun de Propeller.

Nodeems den zukünftege Bedreiwer d’Gemiddler souwäit berouegt a versprach hat, fir eventuell enstaane Schied opzekommen an d’Leit op de reelle Wäert vun der Wandenergie konnt opmierksam maachen, gouf dann bei engem gudde Patt nach laang weider diskutéiert.

Elo heescht et ofwaarde bis déi néideg Autorisatiounen an Etüde virleien, ier dann de Kommodo/Inkommodo an der Presse muss verëffentlecht ginn. Sollt dann alles seng Richtigkeet hunn, kann ugefaange gi mam Bau vun den Eoliennen (oder och net).

Weider wichteg Informatiounen fand dir um Site vun eiser Gemeng ënner: www.acfischbach.lu

Text: Laurence Anciaux & Fotoen: Ren Spautz

Aktivitéitskalenner

Abrëll 2018-Mäerz 2019

Abrëll 2018	Aktivitéit	Organisator
08.04.2018	Randonnée VTT-Stegen	VC Filano-Blo Wäiss Medernach
19.04.2018	Konferenz Borreliose	Senioreveräin
22.04.2018	Haxeniessen	Senioreveräin
28.04.2018	Eischt Kommioun-Fëschbech	Kathoulesch Kierch

Mee 2018

01.05.2018	Eischt Meefeier-Schous	Wiichtelcher
22.05.2018	Bus op d'Sprangprozessioun	Kultur-a Veräinskommissioun
31.05.2018	Deckkäpp-Schous	SCCK Supporter Club

Juni 2018

02.06.2018	Nopeschfest zu Fëschbech	Fëschber Nopeschfest asbl
02.06.2018	Mammendagsfeier-Schous	Senioreveräin
03.06.2018	Härläichen-Meesebuerg	Kathoulesch Kierch-ACFL
22.06.2018	Virowend Nationalfeierdag	Gemeng Fëschbech

Juli 2018

01.07.2018	Feierläschapéro-Schous	Pompjeeën
01.07.2018	Concert-Fëschber Kierch	Kultur-a Veräinskommissioun
05.07.2018	Grillparty	Senioreveräin
13.07.2018	Schoulfest-Schous	Elterevereenegung
15.07.2018	Parfest-Schous	Chorale

August 2018

15.08.2018	Wësch-Schous/Kierch	Kathoulesch Kierch-ACFL
15.08.2018	Thé Dansant-Schous	SCCK Supporter Club

September 2018

02.09.2018	Floumaart-Schous	Senioreveräin
16.09.2018	Randonnée VTT/Birkelt-Fiels	VC Filano

Oktober 2018

04.10.2018	Pappendagsfeier-Schous	Senioreveräin
07.10.2018	Journée Commémorative	Kathoulesch Kierch-Gemeng
07.10.2018	Journée du Grand Age-Schous	Senioreveräin



November 2018

Aktivitéit

Organisator

10.11.2018	Nat. Dag vum Bam-Angelsbiere	CTF-Ëmweltkommissioun
11.11.2018	Fairtradekaffi-Schous	Fairtradegrupp
18.11.2018	Kiermeshaam-Schous	Pompjeeën
25.11.2018	Schluechtfest-Schous	CTF

Dezember 2018

05.12.2018	Kleeschen-Angsber Schoul	Gemeng Fëschbech
05.12.2018	Kleeschen an der Gemeng	Club des Jeunes

Januar 2019

06.01.2019	Kaffiskränzchen-Schous	Senioreveräin
12.01.2018	Generalversammlung-Schous	Pompjeeën
19.01.2019	Theaterowend-Schous	Theaterveräin
20.01.2019	Theatermëtten-Schous	Theaterveräin
25.01.2019	Theaterowend-Schous	Theaterveräin
26.01.2019	Theaterowend-Schous	Theaterveräin

Februar 2019

02.02.2019	Liichtmëssdag	Schoulkanner
10.02.2019	Choucroute-Garnie	Spuerveräin
15.02.2019	Hierkeniessen-Schous	Senioreveräin
24.02.2019	Kannerfuesbal-Schous	Pompjeeën
28.02.2019	Heeschen Fettendoneschen	Schoulkanner

März 2019

01.03.2019	Hexebal-Schous	Club des Jeunes
09.03.2018	Buergebrennen-Fëschbech	Amicale Maarkollef
10.03.2019	Buergebrennen-Angelsbiere	Club des Jeunes
10.03.2019	Buergebrennen-Schous	Wiichtelcher
15.03.2019	Generalversammlung CTF	CTF
17.03.2019	Albinusfeier-Fëschbech	Kathoulesch Kierch
17.03.2019	Feierläschapéro-Schous	Pompjeeën
17.03.2019	Generalversammlung-Schous	Senioreveräin
30.03.2019	Grouss Botz-Gemeng	Ëmweltkommissioun

All leschte Freideg am Mount as de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech op.
Organisator: Amicale Maarkollef & Wiichtelcher vu Schous



COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 20 décembre 2017

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude – conseillers;

Absent(s): excusé(s): MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – conseillers;

1) Des titres de recette d'un montant total de 3.549.822,24 € sont acceptés à l'unanimité.

2) Sont créés les commissions consultatives suivantes : commission des bâtisses, commission de l'environnement et qualité de vie, commission de la culture et de la vie associative, commission des sports et commission de la jeunesse (à l'unanimité).

3) Après vote secret sont nommés délégués de la commune de Fischbach auprès des syndicats intercommunaux suivants :

A - Monsieur Paul Brosius, conseiller, domicilié à Koedange est nommé délégué de la commune de Fischbach au Syndicat Intercommunal de Dépollution des Eaux Résiduelles de l'Ouest (SIDERO).

B - Monsieur Fränk Daems, bourgmestre, domicilié à Angelsberg, et Monsieur Sven Bettendorf, conseiller, domicilié à Angelsberg sont nommés délégués de la commune de Fischbach au Syndicat Intercommunal FILANO.

C - Monsieur Fränk Daems, bourgmestre, domicilié à Angelsberg, est nommé délégué de la commune de Fischbach au Syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel «Mëllerdall».

D - Monsieur Lucien Brosius, échevin, domicilié à Schoos, est nommé délégué de la commune de Fischbach au Syndicat Intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures de ménages des communes de la région de Diekirch, Ettelbruck et Colmar-Berg (SIDEK).

E - Monsieur Patrick Grotz, échevin, domicilié à Fischbach, est nommé délégué de la commune de Fischbach au Syndicat Intercommunal pour le maintien à domicile (SIPMAD).

4) A - Il est décidé de reporter la nomination des délégués auprès de l'Ecole de musique à Larochette, du Conservatoire de Musique du Nord et du Conseil National des Femmes du Luxembourg, ainsi que la nomination des délégués suppléants auprès des Commissions de surveillance des CIPA Junglinster et Mersch à la prochaine séance du Conseil communal.

B - Monsieur Fränk Daems, bourgmestre, Monsieur Lucien Brosius, échevin, et Monsieur Paul Brosius, conseiller sont désignés comme membres de l'équipe climat.

5) En considérant que Monsieur Paul Brosius est retraité et n'a pas droit au congé politique et sur proposition du collège des bourgmestre et échevins, le conseil communal décide à six (6) voix et une (1) abstention la répartition du congé politique supplémentaire comme suit :

- 4 heures par semaine à Monsieur Fränk Daems,
- 2 heures par semaine à Monsieur Brosius Lucien,
- 2 heures par semaine à Monsieur Bettendorf Sven,
- 1 heure par semaine à Monsieur Patrick Grotz.



6) Il est décidé à l'unanimité des voix d'approuver les plans et le devis concernant le projet relatif à la création de ce réseau intercommunal d'approvisionnement en eau présentés par le bureau d'ingénieurs-conseils Daedalus Engineering de Heffingen au montant de 4.885.444,92 € hors TVA, soit 5.715.970,55 € TTC. Les crédits y relatifs sont à prévoir aux budgets des exercices 2018, 2019 et 2020.

7) Sont arrêtés à l'unanimité des voix le budget rectifié de l'exercice 2017 et le budget 2018 d'après les tableaux récapitulatifs suivants :

Budget rectifié 2017 :

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	4.103.858,75	1.051.044,98
Total des dépenses	3.499.433,03	5.268.453,38
Boni propre de l'exercice	604.425,72	
Mali propre de l'exercice		4.217.408,39
Boni du compte 2016	3.639.141,20	
Mali du compte 2016		
Boni général	4.243.566,92	
Mali général		4.217.408,39
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 4.217.408,39	+ 4.217.408,39
Boni présumé à fin 2017	26.158,53	
Mali présumé à fin 2017		

Budget 2018:

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	4.240.048,00	3.601.716,00
Total des dépenses	3.365.345,99	4.173.640,00
Boni propre de l'exercice	874.702,01	
Mali propre de l'exercice		571.924,00
Boni présumé fin 2017	26.158,53	
Mali présumé fin 2017		
Boni général	900.860,54	
Mali général		571.924,00
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 571.924,00	+ 571.924,00
Boni présumé à fin 2018	328.936,54	
Mali présumé à fin 2018		

8) A - Monsieur Lucien Brosius, échevin, domicilié à Schoos, est nommé comme candidat-délégué de la commune de Fischbach pour être élu au sein du Syndicat Intercommunal des Villes et Communes Luxembourgeoises (SYVICOL).

B - La nomination de candidats-délégués pour les syndicats intercommunaux SIGI et SICEC est reportée à la prochaine séance du conseil communal.

COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 18 janvier 2018

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers ;

1) Des titres de recette d'un montant total de -68,15 € sont acceptés à l'unanimité.

2) Décide à l'unanimité de ratifier l'acte de cession signé le 27 décembre 2017 entre la société anonyme



COPROM s.a. de L-7535 Mersch, représentée par Monsieur Nico Arend et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Fischbach concernant deux parcelles inscrites au cadastre de la commune de Fischbach, section de Fischbach sous le n° 116/1037 au lieu-dit « Im Batz » et sous le n° 389/985 au lieu-dit « rue du Berger » d'une contenance de 1 centiare chacune.

3) Décide à l'unanimité de nommer :

- Monsieur Kevin OLINGER, conseiller communal, domicilié à Schoos :
 - comme délégué suppléant auprès de la Commission de surveillance du CIPA JUNGLINSTER ;
 - comme délégué suppléant auprès de la Commission de surveillance du CIPA MERSCH ;
- Monsieur Daniel MOURA, conseiller communal, domicilié à Schoos :
 - comme délégué auprès de l'ECOLE de MUSIQUE LAROCLETTE ;
 - comme délégué auprès du CONSERVATOIRE de MUSIQUE du NORD (CMNord) ;
- Monsieur Lucien BROSIUS, échevin, domicilié à Schoos comme délégué auprès du CONSEIL NATIONAL des FEMMES au LUXEMBOURG ;
- Monsieur Christian BARTHEL, domicilié à Schoos comme délégué auprès de l'OFFICE SOCIAL REGIONAL de LAROCLETTE ;
- Madame Marianne BROSIUS-KOLBER, domiciliée à Koedange comme déléguée auprès de l'association CLUB UELZECHTDALL a.s.b.l. ;
- Monsieur Sven BETTENDORF, conseiller communal, domicilié à Angelsberg: comme délégué auprès de l'association M.E.C. a.s.b.l.

4) Décide à l'unanimité des voix de donner une suite favorable à la demande de la Ligue Médico-sociale et d'accorder un subside annuel de 5.-€ par enfant inscrit.

5) Approuve à huit (8) voix contre une (1) un crédit supplémentaire de 8.000.-€ à inscrire à l'article 3/111/615100/99001 – “Organes politiques – Cadeaux anniversaires, meilleurs sportifs et autres” du budget ordinaire de l'exercice 2017. L'article budgétaire renseignera ensuite un crédit de 10.000.-€.

6) A - Monsieur Paul BROSIUS, conseiller, domicilié à Koedange est nommé comme candidat-délégué de la commune de Fischbach pour être élu au sein du Syndicat Intercommunal de la Gestion Informatique (SIGI).

B - Monsieur Daniel MOURA, conseiller, domicilié à Schoos, est nommé comme candidat-délégué de la commune de Fischbach pour être élu au sein du Syndicat Intercommunal pour la Construction et l'Exploitation d'un Crématoire (SICEC).

7) Affaire de personnel – huis clos.

COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 30 janvier 2018

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers ;

Absent(s): excusé(s): OLINGER Kevin – conseiller;



1) Décision de principe concernant le projet de réalisation d'un parc éolien :

De Gemengerot,

No der Informatiounsreunioun vum 10. Januar 2018 tëscht dem Schäffen- a Gemengerot an dem Här Paul Heinen mat Presentatioun vun engem Exposé iwwert d'Effekter vun der Wandkraaft ;

Nodeem de Projet vum Bau vun engem Wandpark um Site genannt „Rollëngerbiërg“ geleeën an de Gemenge Miersch a Lëntgen den 19. Januar 2018 dem Schäfferot duerch d'Häre Winkin a Gleis vun der Sociéitéit SOLER an dem Här Hoffmann vun der Sociéitéit Electris s.a. presentéiert gouf;

Nodeem haut och de Gemengerot de Projet vun den Häre Winkin, Gleis an Hoffmann presentéiert krut;

Stelle mir fest, dass d'Annexe 1819-072-b-windparks aus dem Scoping Dokument net richtig ass, well och am Raum Tënten-Gräisch Wandrieder a Planung sinn;

Stelle mir fest, dass de geplangte Wandpark um Territoire vun de Gemenge Miersch a Lëntgen steet, awer d'Gemeng Fëschbech am Allgemengen an d'Duerf Schous am Speziellen déi ganz Nodeeler a Nuisancen ze spiere kritt ;

Stelle mir fest, dass um Site « Rollëngerbiërg » laut Wandatlas (source : Annexe graphique du scoping document / ProSolut S.A. 12.04.2017) just eng duerchschnëttlech Joereswandvitesse (an 30m Héicht) vu max. 4,8m/s gemooss ginn ass, wat fir d'Exploitatioun vu Wandanlagen extrem niddereg ass. Fir an esou Fäll trotzdem eng rentabel Anlag opzeiichten huet d'Wandindustrie héich Anlage mat besonnesch grousser Rotorrieder entwéckelt. Esou Wandrieder hunn eng Nabenhéicht vu bis zu 160m an e Rotorduerchmiesser vu bis zu 150m, wat eng Gesamthéicht vu bis zu 235 m ergëtt. Mir stellen awer fest, dass de Site „Rollëngerbiërg“ no un der Afluchschneis vum Findel läit, wouduerch nëmme Wandrieder vun enger maximaler Héicht vun 150m dierfen opgeriicht ginn, esou dann och wesentlech manner Rendement hunn. Dëst Argument, grad esou wéi déi niddereg Wandvitesse stellen de Sënn an Zweck vu Wandkraaft op deem Site a Fro;

Stelle mir fest, dass duerch de Bau vu Wandrieder, och vu gerenger Héicht, no bei der Afluchschneis déi ganz Emgéigend, am Verglach zu der aktueller Situatioun, engem erhéichte Fliegeraccident – Risiko ausgesat ass, deen och Konsequenze fir d'Duerf Schous kéint hunn;

Stelle mir fest, dass ronderëm an um Territoire vun der Gemeng Fëschbech Populatiounen vu Fliedermeis, wéi z.Bsp. d'grousst Mausouer, awer och eng Rëtsch vu méi oder manner seelene Vullenaarten wéi Routmilan, Uhu, Wanderfalk oder Schwarzstorch entweder permanent liewen, bréien oder awer regelméisseg bestätegt ginn, an d'Wandmillen als déidlech Fal fir Vigel bekannt sinn. Fir d'Gefahr fir déi Déieren ze minimiséieren proposéiert de Bedreiwer d'zäitweilg Ofschalt vum den Anlage wat dann erëm d'Fro vum Rendement a vum Sënn vun enger Wandkraaftanlag op deem Site opwäert;

Stelle mir fest, dass déi negativ Konsequenze fir Mënsch an Déier (Béischten, Wëld a Klengdéieren) duerch d'Fonctionnement vun de Wandmillen, sief duerch Schall (dB), duerch Infraschall oder duerch Schattenwurf net genuch bis guer net erfuerscht sinn a verweisen op déi vill Témoignage vu Leit déi vu gesondheetleche Problemer schwätzen ënnert deenen si leiden zanter an hirer Emgéigend Wandrieder opgeriicht gi sinn;

Stelle mir fest, dass de ganze Schwéiertransport fir de Wandpark opzeiichten, grad ewéi spéiderhin all Material wat fir den Entretien néideg wäert sinn, iwwert d'Stroossen an duerch Dierfer vun der Gemeng Fëschbech muss fieren, deemno un eise Stroossen an un eiser Infrastruktur gréisser Schied ze erwaarden sinn déi am Virfeld net ofzeschätzen sinn. Schlussendlech müssen d'Gemeng Fëschbech an hier Bierger just d'Nodeeler an d'Schied vun deem Projet droen, och wann den Initiator vum Projet, am Fall vu Schied, vun enger Schuedensregelung schwätzt, woubäi nach net feststeet wéi déi soll ausgesinn a wéi en Ëmfang déi soll hunn;

Verweise mir op d'Fakten a Statistiken aus Däitschland, wou no 30 Joer d'Wandenergie haut en Undeel vun nëmme ca. 2% vum Primär Energieverbrauch ausmécht, an dat mat bal 30.000 Wandanlagen a stellen dofir folgend Froen : wéivill Wandanlage bräicht een da fir zu Lëtzebuerg eng 100%eg Energiewend ze erreechen ? Wéivill Käschen, Ressourcen a Flächeverbrauch wäeren néideg fir duerch Wandanlagen eng illusoresch 100%eg Energiewend ze erreechen ?;

Zitéiere mir aus dem Scopingdokument an deem als Beispill vun den ze erwaardenden negativen Impakter, d'Verännerung vum Landschaftsbild als „héich“ agestuift gëtt a stelle fest, dass d'Konstruktioun vun enger



« Industrieanlag » wéi hei geplangt, wëll esou muss een déi Wandkraaftwierker mat Stol-Beton Fundamenter vun honnerten Tonnen nennen, d'Landschaftsbild um « Rollëngerbiërg » an doriwwer eraus maassgeblech wäerte veränneren, jo verhonzen, an dat fir Jorzéngte wann net esou guer fir méi laang;

Zitéiere mir aus dem Scopingdokument an deem als Beispill vun den ze erwaardende positiven Impakter NÄISCHT ernimmt ginn ass;

Fäerte mir, dass duerch seng West/Südwest Ausriichtung zum Duerf Schous de Wandpark no der Fäerdegstellung een negativen Impakt op d'Liewensqualitéit vun de Bierger aus der Gemeng Fëschbech a speziell aus dem Duerf Schous kéint hunn;

Op Grond vun den opgefouerten Argumenter;

mat siewen (7) Stëmmen géint eng (1)

stelle mir de Sënn vun der Wandenergie am Allgemengen an de Bau vun engem Wandpark op dem Site am Speziellen a Fro a beschléissen eis géint de geplangte Bau vu 4 Wandkraaftrieder tëscht Rollëng a Schous, um Plateaugenannt „Rollëngerbiërg“ auszeschwätzen.

2) A - Monsieur BARTHEL Christian, demeurant à Schoos, est proposé candidat bailleur pour la commission des loyers du canton de Mersch.

B - Sont nommés au sein de la commission scolaire communale :

- Monsieur DAEMS Mike demeurant à Schoos ;
- Madame KOLBER-BISSEN Joëlle demeurant à Schoos ;
- Monsieur MOURA Daniel demeurant à Schoos ;
- Madame RALINGER Irène demeurant à Schoos.

Monsieur le bourgmestre est président de la commission scolaire.

Les représentants du comité d'école sont Madame Sarah Kolber demeurant à Schoos et Madame Catalina Baden demeurant à Waldbillig.

Les représentants du comité des parents, sont Madame Tania Brosius-Schiltz demeurant à Schoos et Monsieur Tom Heinz demeurant à Fischbach.

C - Sont nommés membres effectifs de la commission communale d'intégration :

- Monsieur GROTZ Patrick (échevin) demeurant à Fischbach ;
- Monsieur BETTENDORF Sven (conseiller) demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur DENESSEN Patrick demeurant à Schoos ;
- Monsieur DIETERLEN Patrick demeurant à Schoos ;
- Monsieur DOMMERHOLT Robert demeurant à Schoos ;
- Madame LAM THIEU MAN Jenny demeurant à Fischbach.

Sont nommées membres suppléants de la commission communale d'intégration :

- Madame ANCIAUX Laurence, demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur VAN DER HORST Cornelis demeurant à Schoos.

D- Sont nommés à la commission des bâtisses :

- Monsieur BROSIUS Lucien (échevin) demeurant à Schoos ;
- Monsieur DAEMS Pol demeurant à Schoos ;

- Monsieur HEINZ Tom demeurant à Fischbach ;
- Monsieur KARIER Lucien demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur KOLBER Roger demeurant à Schoos ;
- Monsieur RINNEN Tim demeurant à Fischbach ;
- Monsieur ZIRNHELD Olivier demeurant à Fischbach.

Sont nommés à la commission de l'environnement et de la qualité de vie :

- Monsieur DAEMS Fränk (bourgmestre) demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur DAMGÉ Guy demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur JACOBSEN René demeurant à Schoos ;
- Monsieur KRIPPEL Yves demeurant à Schoos ;
- Monsieur MINY Roland demeurant à Fischbach ;
- Madame STROHMER Julia, demeurant à Schoos ;
- Madame WEBER Elisabeth demeurant à Angelsberg.

Sont nommés à la commission de la Culture et de la vie associative:

- Monsieur BROSIUS Lucien (échevin) demeurant à Schoos ;
- Madame BROSIUS-KOLBER Marianne demeurant à Koedange ;
- Monsieur DAEMS John demeurant à Schoos ;
- Monsieur DAEMS Mike demeurant à Schoos ;
- Madame FRISCH-HARLES Francine demeurant à Angelsberg ;
- Madame PETER Lucie demeurant à Schoos ;
- Monsieur SPAUTZ René demeurant à Angelsberg.

Sont nommés à la commission de la jeunesse :

- Monsieur BETTENDORF Sven (conseiller) demeurant à Angelsberg ;
- Madame BROSIUS-SCHILTZ Tania demeurant à Schoos ;
- Madame FRISCH-HARLES Francine demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur FRISCH Fränk demeurant à Angelsberg ;
- Madame GORGE Jana demeurant à Fischbach ;
- Madame WEYRICH Laura demeurant à Angelsberg ;
- Monsieur ZUIDBERG Yannick demeurant à Angelsberg.

Sont nommés à la commission des sports:

- Monsieur SCHILTZ Laurent (conseiller) demeurant à Angelsberg ;
- Madame BROSIUS-KOLBER Marianne demeurant à Koedange ;
- Madame BROSIUS-SCHILTZ Tania demeurant à Schoos ;
- Monsieur DENESSEN Patrick demeurant à Schoos ;
- Monsieur PUTZ Jean-Marie demeurant à Schoos ;
- Madame WEYRICH Laura demeurant à Angelsberg.



3) Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de maintenir le système actuel de ne pas allouer des jetons de présences aux membres des commissions consultatives communales.

COMPTE RENDU de la séance publique du conseil communal du 1^{er} mars 2018

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ; BETTENDORF Sven, MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers ;

Absent(s): excusé(s): BROSIUS Paul – conseiller;

1) Le conseil communal approuve des titres de recettes émis et présentés par le collège des bourgmestre et échevins portant sur un montant 520.758,60 €.

2) A - Le conseil communal décide de souscrire auprès d'un institut bancaire une ligne de trésorerie d'un montant de 1,2 million Euros destinée à préfinancer les subsides engagés par le Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le Ministère de l'Intérieur et le Ministère du Développement et des infrastructures en attente de la liquidation des subsides engagés au profit du projet de construction d'une maison relais à Angelsberg.

B – Il est décidé d'inscrire ce crédit de 1.200.000.-€ à l'article « Ligne de crédit: préfinancement de subsides engagés au profit du projet de construction d'une maison relais » du budget de l'exercice 2018. L'excédent théorique envisagé de l'exercice s'élève par la suite à 1.511.236,54 €.

3) Il est décidé à sept voix contre une de fixer avec effet au 1er janvier 2018

- les jetons de présence revenant aux membres du conseil communal pour l'assistance aux séances publiques du conseil communal à 15.-€ N.I. 100 par séance ;

- les indemnités mensuelles revenant aux membres du collège des bourgmestre et échevins à 118,60 € N.I. 100 pour le bourgmestre et 59,30 € N.I. 100 pour chacun des échevins.

4) Le conseil communal décide :

- de créer 6 postes d'étudiant(e)s pour les besoins du service de régie communal à occuper durant les vacances scolaires d'été 2018 ;

- donne lieu à la demande du Centre d'intervention de Larochette et décide de créer 2 postes d'étudiant(e)s à occuper durant les vacances scolaires d'été 2018.

5) Le conseil communal décide d'adhérer aux préceptes de la campagne de sensibilisation gouvernementale „Ensemble contre le gaspillage alimentaire!” d'organiser des opérations locales de sensibilisation à destination des citoyens et consommateurs, de veiller à mettre en place des plans d'actions dans les établissements de restauration collective sous sa responsabilité et informera les habitants de la commune sur cette campagne par tout moyen approprié.



Viele Wege führen nach Rom

Zanter ganz laanger Zäit dreemt de Patrick Denessen vu Schous vun enger längerer Velosvakanz. Elo endlech ass et esou wäit. De 27. Abrëll geet et vu Schous aus lass an den Tour féiert de Patrick op Rوم. Hien huet sech laang op di Aventure virbereet, vill nogesicht an trainéiert.

Säin Zil ass déi italienesch Hauptstadt. Am ganze wäert hien ongeféier 1800km op kleng Stroossen a Vëlosweeër zréckleeën, bis hien no 4 Wochen den 23. Mee pünktlech op der St. Petersplaz ukënnt.

Ausser dem kierperlechen Exploit, wëll de Patrick e kleng „Sabbatical“ machen. Hien huet bewusst gewielt dësen Tour eleng ze machen, fir d'Zäit ze hunn, iwwer verschidde Liewensetappen nozedenken, nei Leit kennen ze léieren a gewëssen Erfahrungen ze machen. Ënnerwee mécht heen och Fotoen an hält all Dag schrëftlesch fest fir et dann op „Social Media“ an op seng Website ze veröffentleschen.

Am Patrick sengem Gebuertsland, Holland, wëi mir soen, sinn esou Velosreese ganz populär. Et louch also op der Hand dass hie sech virun allem bei senger Landsmänner informéiert an inspiréiert huet.

Den Trip ass komplett a Bicher beschwriwwen an an 3 gréisser Etappen agedeelt. Als éischt geet et op Basel. Do ass dann och en éischte Roudag virgesinn. Duerno fiert hie weider duerch d'Schwäiz op Florenz. Nieft de Schwäizer Bierger gëllt et hei och de Splügenpass ze iwwerwannen, dee mat 2115 m déi schwéierst kierperlech Erausforderung um Parcours wäert duerstellen. Am Mee kann do och nach Schnéi leien, a wann de Pass nach gespaart ass, wäicht eise Coureur op eng Alternativ aus. Déi drëtt a lëscht an och schwéierst Etapp geet dann no engem weidere Roudag zu Florenz weider op Rوم.

Eise sportleche Matbierger schléift ënnerwee am Zelt op Campingen, respektiv a Jugendherbergen oder a Kléischer. Vu que, dass hie säi ganzt Gepäck de ganze Wee muss matschleefen, ass et drëms gaangen esou wéineg wéi méiglech anzepaken, a gutt op d'Gewiicht vun all Stéck ze kucken. Fir dee Mount wou hien ënnerwee ass, gëllt et vun der Ënnerwäsch, iwwert de Laptop, Zelt, Schlofsäck, Kamera asw., héichwäerteg a robust Material ze beschafen. D'Gesamtgewiicht vum Trekkingvelo mat Gepäck läit bei ongeféier 50 kg.

Zu Rوم wäert hien da vu senger Famill a Frënn empfaange ginn.

De Patrick ass frou, dass säin Häerzenswonsch endlech an Erfëllung geet an dofir wëll hie seng Freed och mat aneren deelen. Hie rifft also Frënn, Bekannten, Firmen a Sponsoren op, en Don a sengem Numm ze maachen.

Hien huet sech dofir zwou kleng Organisatiounen erausgesicht: Make a wish www.wonsch.lu an Don en moëlle: www.dondemoelle.lu. De Sportler géif sech freeën, wann iwwert dës Wee Ënnerstëtzung fir anerer ka geleescht ginn. Weider Infoen fannt Dir um Patrick senger Homepage: <https://rome.denessen.eu> oder op Facebook ënner [page@biketrip2rome](https://www.facebook.com/page@biketrip2rome).

De Patrick huet an Aussicht gestallt, wann hien erëm gutt zu Schous gelant ass, eis alleguer en Abléck an seng Aventure ze ginn a vu sengen Erfarungen an Erausforderungen ze erzielen.

Text: Marianne Brosius & Fotoen: Ren Spautz



Des Rätsels Lösung

Mir hunn am Redaktiounsteam beschloss fir eng Fortsetzung vum Concours „Des Rätsels Lösung“ vu fréier aus dem Gemeindeblatt ze maachen.

Mir siche Sponsoren, besonnesch gär hei aus eiser Gemeng, déi eis Präisser kéinte stëften. Dir kënnt Iech gäre bei eis mellen. Mir soe schon elo ee grouse Merci un Iech.

Des Kéier ass de Präis gestëft vum Carrie Fiorese sengem Make-up- a Photostudio Powderlounge vu Fëschbech. Den Internet-Site fand dir op: www.powderlounge.lu



De Präis besteet aus engem Bong vun 200 €, fir a sengem Studio eng Sessioun ze buchen.

An hei dann d'Foto wou dir musst erausfanne wat fir e Gebai dat ass a wou dëse Baudeel sech doru befënnt.

Et ass natierlech gewollt dass dir Iech e bësschen op d'Sich musst maachen.

All Motiv wäert op enger fräi zougänglecher Platz ze fanne sinn, respektéiert w.e.g de Leit hiert Privateegentum.

Wann dir d' Léisung wësst da schéckt dës w.e.g. bis den 30. Juni 2018 op: marcsfoto@action.ms

Iech elo vill Spaass beim Sichen.

Text & Foto: Marc Kolber



Bei de Kueben zu Aangelsbierg

Zanter dem 1. September 2017 fonctionnéiert déi nei Maison relais „Bei de Kueben“ zu Aangelsbierg a säit dem Schoulufank 2017, ass den 1 Cycle vun der Angsber Grondschoul an deem neie Gebai ënnerbruecht.

Bis elo si mir virun allem iwwert d'Gebai informéiert ginn, mee net wéi den Alldag sech dra gestallt. Grond genuch fir mech, fir mir e Bild ze maachen an iech déi Andréck weider ze ginn.

Ech sinn also an der Mëttesstonn an d'MR op Besuch gaangen a konnt e puer interessant Gespréicher mat de Kanner an Erwuessener féieren. E puer vun de grouse Jongen hu virun allem betount wéi frou si iwwert hiren „eegenen“ Raum wieren. Do kéinten si sech ophalen, Dëschttennis oder Billard spillen, ouni vun deene Kleng gestéiert ze ginn. E puer anerer vun de Groussen hunn et awer och flott fonnt, heiansdo fir déi Kleng kënnen do ze sinn an hinnen dierfen ze hëllefen a mat hinnen ze spillen. E Meedchen huet gemengt et wier immens schéin, wa Gebuertsdag gefeiert gëtt oder wann de Kleeschen kënnt.

D'Kanner schätzen et esou eng villfältig Offer u Raim a Méiglechkeeten ze hunn a freeën sech, dass hir Frënn a Frëndinnen fir ze spillen do sinn.

Wann d'Wieder net esou gutt ass, dierfen si am groussen Turnsall spillen a rennen, ouni naass oder kal ze ginn, Och de Bastelraum gëtt dacks vun de Kanner opgesicht.

Eng Léierin aus dem 1. Cycle huet och déi vill Plaz an déi gutt Opdeelung gelueft. Opscho si insgesamt 21 Kanner an hirer Klass encadréiert, kéim engem dat net esou vir, well de Raum esou konzipéiert wier an esou vill Méiglechkeeten zouloosse géif.

D'Erzéier an d'Erzéierinnen si frou no den ageenken Raimlechkeeten vu virdrun, esou vill Plaz fir d'Kannerbetreuung ze hunn. Si fannen och dass d'Konzept de Kanner an hirer Entwécklung immens zegutt kënnt, zemools well et Kanner ginn, di vu moies 7 Auer bis owes 18 Auer präsent sinn.

Wat fir si net angenehm ass, ass dass déi verschidden Akkustikelementer nach net iwwerall ophänken an dass nach net alles esou funktionnéiert wéi et misst sinn. Dorunner gëtt awer fläisseg geschafft, hunn ech mer soe gelooss.

An engem Punkt waren se sech alleguer eens: D'lessen schmaacht hinnen net ëmmer, dat kënnt sech verbessern. All zesummen hu si beschloss fir dem Kach e Bréif ze schreiwen, wou si him hir Wënsch ausdrécken an dat beschreiwen wat hinnen guer net schmaacht, eng luewenswäert Initiative!

Text & Fotoen: Marianne Brosius



Grouss

Wéi all Joer virun Ouschteren huet d'Ëmweltkommissioun an Zesummenaarbecht mam technesche Service vun der Fëschber Gemeng op d'Grouss Botz duerch d'Bëscher an iwwert d'Gewann, laanscht d'Weeër an d'Stroosse vun eiser schéiner Gemeng invitéiert.

Et waren hirer vill déi bei herrlechem Fréijoerswieder de 24. Mäerz Mëttes dëser Invitatioun nokomm sinn an sech fir 14 Auer beim Veräinshaus getraff hunn wou Sëcherheetswesten, Pëtzen an Dreckstute vun eise Gemengenaarbechter verdeelt goufen. Ronn 75 fläisseg Biergerinnen a Bierger, dorënner 26 kleng a méi grouss Kanner, haten deen Dag dem Knascht de Krich ugekënnegt.

Déi héich Participatioun war wierklech erfreuelech an ech mengen dass dat roueg mol ka speziell ervirgehuewe ginn. Vill grouss Gemengen, wärend frou esou eng staark Equipe mat esou vill Nowuess op enger Grousser Botz kënnen op de Parcours ze schécken. Dat schwätzt fir d'Ëmweltbewosstsinn vun eiser Gemengen-Populatioun. Chapeau!

Och wann et den Uschäin huet dass d'Quantitéit un Knascht dës Joer manner war, sou ginn et awer ëmmer Onverbesserlecher, virun allem laanscht eis vill befuerde Stroossen, déi duerfir suergen dass eng „Grouss Botz“ weider néideg bleift. Souguer 2 Trakter-Pneue goufen am Bësch fonnt an hu misse mat engem Trakter mat Seelwann aus engem Dall gebuerge ginn.

Dozou dass enger anerer Kategorie vun Ëmweltsënder d'Liewe méi schwéier gemaach gëtt, droen och déi Barrièren aus Ketten an lernzerstee bäi déi mëttlerweil déi meescht vun eise Bëschweeër fir motoriséiert Gefierer schwéier bis guer net zougänglech maachen. Do wou fréier op der „Grousser Botz“ ganz Ubaukichen aus der Baach gezunn oder Wäschmaschinnen an Elektrogeräter aus dem Bësch recuperéiert goufen ass elo op ville Plazen an eiser Gemeng den Accès fir Gefierer zou. Bëschweeër déi liicht accessibel sinn a mat Auto oder Camionnette gutt befuer kënnen ginn invitéieren Onverantwortlecher hei hiren Dreck lasszeginn. Si fillen sech sécher a mat 5 Minutten Angscht sinn si alles lass. Dës Barrièren, déi eng Preventiouns-Moossnam sinn, dengen wäit méi wéi all Schëld, sinn néideg an erfëllen op verschiddene Plazen, wéi zum Beispill um „ale Wee“ tëscht Schous an der Pompelstatioun zu Fëschbech, wéinst dem Quellschutz esouguer eng duebel Funktioun.

D' „Grouss Botz 2018“ gouf bei engem gudde Maufel am Veräinshaus, offréiert vun der Gemeng Fëschbech, gemittlech ausklänge gelooss. Am Numm vun der Gemeng, vun eiser Kommissioun an vun eiser Ëmwelt een décke Merci un déi vill fläisseg Hänn fir déi wäertvoll Hëllef an hoffentlech bis d'nächst Joer!

fir d'Ëmweltkommissioun,
Text a Fotoen: Fränk Daems

Gruppefoto: Ren Spautz



s B o t z



39



Föschber Gemeindeblatt

Dan Hottua

neie Mataarbechter am Sekretariat vun eiser Gemeng

Vum 1. Mäerz 2018 un huet d'Gemeng Fëschbech an der Sekretariats-Equipe, an der Persoun vum Dan Hottua, Verstärkung kritt. Zousätzlech soll den Dan sech och ëm de Syndikat FILANO bekëmmern, esou datt et him net langweilleg wäert ginn.

Nom Lycée zu Dikrech huet den Dan kuerz am „Ministère de la Justice“ geschafft, bis hien 2003 Gemeindebeamten zu Luerenzweiler ginn ass. Elo no 15 Joer zu Luerenzweiler ass den Dan bei eis op Fëschbech gewiesselt.

A wéi Jiddereen, dee bei eis an der Gemeng nei bäi kënnt, kritt den Dan och den obligaten Froen- Äentwertebou vir geluecht. Hei d'Resultat dovunner:

Numm: Dan Hottua / **Wou gebuer?:** An der Stad, Lëtzebuerg / **Wéini?:** 1980 /

Meng Stärkten: Ech sinn nët nodroend / **Meng Schwächen:** Ech hunn heiansdo nët genuch Gedold /

Wat gefällt mir un deenen Aaneren?: Toleranz a Fairness /

Wat gefällt mir net un Aaneren?: Wann ee klengkaréiert ass / **Meng Hobbien:** Joggen a gutt iesse goen /

Meng Musik déi ech lauschteren: Vun Allem, awer besonnesch 90er an 2000er Joeren /

Ech liese momentan: „roh.fassung“ vum Claude Reiles /

Wou ech Vakanz machen: A ganz Europa, egal op an enger Stad oder iwwer Land /

Dëse Wonsch erfëllt sech dëst Joer: De Wonsch huet sech well erfëllt; ech muss nët méi all Dag mam Auto op d'Schaff fueren /

Dëst Spréchwuert gefällt mir gutt: „Il n'ya que les imbéciles qui ne changent pas d'avis“, vum Jacques Chirac




Den Dan Hottua bei der Vereedegung duerch eise Buergermeeschter Fränk Daems.



25, Chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette

Tél.: 26 87 00 23
Fax: 26 87 00 23 111



Administration Communale
de Fischbach

A l'att. de M. le Bourgmestre

1, rue de l'Eglise

L-7430 Fischbach

Conc. : Déménagement de l'OSCL

Larochette, le 21 mars 2018

Mesdames et Messieurs les bourgmestres,

Le conseil d'administration de l'OSCL a accepté à l'unanimité une proposition de déménagement de ses locaux devenus exiguës depuis plusieurs années compte tenu du travail croissant effectué pour le bien-être de plus de 11.000 habitants regroupés dans vos communes.

Un déménagement vers des nouveaux locaux nous a été offert à l'occasion d'un partenariat de locaux mis à disposition entre l'Administration des Postes et l'Administration Communale de Larochette.

Notre nouvelle adresse sera à partir de fin avril 2018 : 6, rue de Medernach L-7619 Larochette. Ces locaux se trouvent au 1^{er} étage du bâtiment de la Poste (n°8) avec une entrée séparée (n°6) ; l'agencement des locaux permet d'avoir également une pièce pour archives ; une salle de conseil ; une pièce salle d'attente ; et une pièce pour le futur agent régional d'action sociale.

Compte tenu de l'augmentation de la surface locative un léger surplus pour les frais de loyer et charges diverses ne sera pas évitable.

Par la présente, l'office social compte sur votre collaboration pour faire suivre l'information à la population de vos communes respectives.

Merci de votre aide précieuse, veuillez croire, Mesdames et Messieurs les bourgmestres, à l'expression de nos sentiments les meilleurs.

La secrétaire de l'OSCL

Susana Spaus-Marinho

Pour le Conseil d'Administration
Le Président
Dr. Carlo Steffes



Dik, Dik, Dak, muer ass Ouschterdag

Wie schon am Karfreitag sind auch am Ostersonntag in den Luxemburger Ortschaften die Rufe der „Klibberkanner“ zu vernehmen: „D'Moiesklack laut“ und „Dik dik dak, dik dik dak, muer ass Ouschterdag“ rufen die Kinder, während sie durch die Straßen ziehen.

Der Brauch des „Klibberen“ wird auch noch in Ostbelgien, im Elsass und an der Mosel in Frankreich praktiziert. Im Volksmund wird erzählt, dass die Kirchenglocken ab Gründonnerstag in Rom sind, um die Osterbeichte abzulegen. Die Messdiener und anderen Kinder übernehmen deshalb morgens, mittags und abends mit ihren Ratschen die Rolle der Glocken und laden die Menschen ein, die österlichen Bräuche fortzusetzen.

Die Tradition der Ratschen wurzelt im Mittelalter: Damals mussten die Leprakranken, um ihre gesunden Mitmenschen auf Distanz zu halten, einen langen Holzstab und sogenannte „Siechenklappen“, auch „Klibberen“ genannt, bei sich tragen. Die „Klibberjungen a -meedercher“ werden mit Ostereiern, Süßigkeiten und Geld belohnt.

Text: Lëtzebuurger Wort & Foto: Chantal Fohl



D'Klibberkanner vun Angelsberg





De Sonndeg virun Ouschterdag war et erëm sou wäit. Bei herrlechem Fréijoerswieder hu sech 80 Kanner aus der Gemeng zesumme mat hiren Elteren op d'Sich nom Ouschterhues senge Spuere gemaach.

Den Depart war dëst Joer bei de Fëschweieren zu Fëschbech, wou déi eenzel Gruppen op de Parcours geschéckt goufen. Mat vollem Asaz hunn d'Kanner fläisseg Ouschtereeër gesammelt. Ob hannert Beem, tëschent Fielsen oder hannert Maueren, keng Verstopp war virun hinne sécher.

An no ronn 3,5km Biergop a Biergof, gouf et natierlech fir Jiddereen eng Belounung: Schocki, Kaffi, Kuch an eng gefüllten Ouschtertiitchen fir déi Kleng.

D'Elterevereenegung huet sech iwwert déi héich Participatioun gefreet, seet Jidderengem Merci deen gehollef huet a wënscht iech all schéin Ouschteren!

Text & Fotoen: Cheryl Koenig

Ouschtereeërsich



Fëschber Gemeinde

PAR / PFARREI / PARÓQUIA/ MERSCH ST. FRANÇOIS

8, rue Jean Majerus, L-7555 MERSCH, Tél. 32 00 59 <http://miersch.cathol.lu>



Concerne: catéchèse – pour enfants âgés entre 6 et 12 ans (cycle 2.1 – 4.2)

Les **nouvelles** inscriptions pour l'année scolaire 2018-2019, seront acceptées à partir du 1^{er} juin jusqu'au 31 juillet au **numéro 32 00 59** du secrétariat paroissial de Mersch; du lundi au vendredi 8h30-11h30 ou le lundi après-midi 14h30-17h30.

Au mois de septembre vous recevrez un courrier avec les détails du nouveau programme pour les cours de l'année 2018-2019. Pour tout renseignement supplémentaire n'hésitez pas à contacter la responsable de la catéchèse Madame Pia Ludwig au Tél. 691 879 730.

44



Betreff: Katechese – für Kinder zwischen 6 und 12 Jahren (Zyklus 2.1 – 4.2)

Die **neuen** Einschreibungen für das Schuljahr 2018-2019 werden ab dem 1. Juni bis zum 31. Juli im Pfarrsekretariat Mersch unter der **Telefonnummer 32 00 59** entgegengenommen; von montags bis freitags 08.30 - 11.30 Uhr und montags nachmittags von 14.30 - 17.30 Uhr.

Im September werden Sie dann ein Schreiben mit dem genauen Zeitplan sowie die Einzelheiten zum Programm erhalten. Bei weiteren Fragen wenden Sie sich bitte an die hauptverantwortliche Katechetin Frau Pia Ludwig Tel. 691 879 730.



Concerne: Catequese – para crianças entre os 6 e os 12 anos (Ciclos 2.1 - 4.2)

As **novas** inscrições para o ano escolar 2018-2019 serão aceites a partir do 1º de junho até ao 31 de julho através do **nº 32 00 59** do Secretariado Paroquial de Mersch de segunda a sexta-feira das 8.30 – 11.30 horas ou à segunda-feira de tarde das 14.30-17.30 horas.

Em setembro receberá pelo correio mais informações e detalhes à cerca do novo programa para as aulas do ano de 2018-2019. Para qualquer informação suplementar não hesite em contactar a responsável pela Catequese Madame Pia Ludwig através o Tel. 691 879 730.



Fëschber Gemeindeblatt